15.01.2024 - Luxembourg

# Roverway 2024 Norway - Luxembourg Contingent

# Newsletter 3

Léif Guiden a Scouten vu Lëtzebuerg,

An dëser Newsletter kritt dir Informatiounen iwwert Paths, den Transport an allgemeng zum Roverway.

## 1. Allgemengen Update zum Roverway:

Wéi fir vläicht matkritt hutt, ass de Roverway iwwerbucht. Dëst hat als Konsequenz dass verschidde Länner/Contigents hu missen hir Unzuel u Participants limitéieren. De Lëtzebuerger Contingent ass heivunner net betraff a mir kënne jidderee mathuelen, den sech ugemellt huet. Et heescht awer och dass mir keng weider Persoun mei kënne mathuelen, déi sech eventuell nach méi spéit umellt. Mir hunn awer eng Waardelëscht.

## 2. Norees:

Jiddereen den sech fir Norees ugemellt huet, kann och op dës matgoen. Méi Infoen heizou kommen zu engem spéideren Zäitpunkt un déi concernéiert Leit.

## 3. Transport

Wéi schonn ugekënnegt fléie mir mam Fliger fiert éischt op Oslo a vun do aus wäerten dann d'Participant op hier eenzel Paths goen, an IST an den CMT op d'Campplatz.

a. Transport **mat** Norees

Déi Leit déi mat op d'Norees ginn hunn nëmmen een Hiflug a komme mam Zuch zeréck. De Flug ass mat der Luxair vum Findel. Geneeën Treffpunkt fir um Findel kritt dir zu engem spéideren Zäitpunkt matgedeelt.

Depart vum Fliger: 21.07.2024 um 12h30 Auer

b. Transport **ouni** Norees

Leit ouni Norees hunn een Hin- an -Zréckflug vun Düsseldorf aus. Mir wäerten mat engem Bus vu Lëtzebuerg aus op Düsseldorf fueren a fir zeréck och nees mat engem Bus vun Düsseldorf op Lëtzebuerg. Genee Auerzäite vum Bus an Treffpunkt kommen zu engem spéideren Zäitpunkt no.

Vol aller: 21.07.2024 um 17 Auer* vun Düsseldorf op Oslo


Vol retour: 02.08.2024 lant um 22 Auer* zu Düsseldorf

**Falls Auerzäiten vun den Volen änneren kritt dir natierlech mat Zäiten bescheed gesoot.*

## 4. Paths a Patrullen

a. Generell Infoen, Regiounen a Kategorien vun den Paths:

Dir kënnt elo Är Paths wielen! D'Paths sinn den éischten Deel vum Roverway, déi Dir zesumme mat Ärer Patrull verbréngt. Als Patrull wielt dir ären Path.




D'Path Regiounen sinn:

-Trondelag
-Innlandet
-Viken
-Oslo
-Veesfold og Telemark
-Agder
-Rogaland
-Vestland
-More og Romsdal

An den nördlechen Regioune vun "Nordland" an "Troms og Finnmark" wäerten et keng Paths ginn. Och wäerten e puer Paths an den Nopeschlänner Schweden a Dänemark organiséiert ginn.

D'Path Kategorien sinn :

- Physeschen Niveau
- Accessibilitéit
- Terrain
- Schlofarrangementer
- Statesch / dynamesch

All Kategorie huet eng Rei vun Ikone fir déi verschidden Aspekter ze berücksichtegen. Dir fannt weider Infoen zu de verschidde Kategorien an Aktivitéiten hei: [Roverway – Explanation of Path Icons.]

b. Wéi funktionéiert d'Path Selektioun?

Dir kënnt elo Är Präferenzen uginn, wéi ee Path firlech als Patrull am Beschten ass. Hei gitt dir net ee bestëmmte Path u meeeng Kategorie a wéi eng Aktivitéiten dir wëllt maachen. Et gi schonn e puer Pathsop der norwegescher Websäit, kuckt hei: Roverway – List of Paths. All Pathssolle bis Enn Januar publizéiert ginn.

All Participants krut seng Patrull, a respektiven'Patrol Leader' per Mail geschéckt. Och am Spam Ordner kucken, falls dir mengtnäischt krit ze hunn. An däser Mail stinn och alleguerten Informatiounen zumChoix vun de Paths dran.

Är Präferenze musst dir da weider un den CMT ginn.Duerfir hu mir ee Formulaire erstallt wou dir dëst kënnt uginn. Wichteg asset dass dëss Decisioun ZESUMMEN an der Patrull geholl gëtt an de PatrolLeader dëse Forms muss ausfëllen.

**Deadline fir de 'Path Formulaire' ze verschécken ass den 4ten Februar 2024 um 23h59!**

Dir kënnt och nach weider Informatiounen iwwer d'Paths op der norwegescher Websäit fannen: Roverway – Ready, Set, Go! Explore Norway on paths!

Den 1.März 2024 soll all Patrull hieren definitiven Path gewuer gin.

## 5. IST

All IST krut och eng Mail mat den Informatiounen zur Auswahl vun der Job Präferenz. Och hei am Spam Folder kucken falls dir mengt näischt krit ze hunn.

**Deadline fir de 'IST Formulaire' ze verschécken ass den 4ten Februar 2024 um 23h59!**

## 6. Whatsapp Gruppen

All Participant an all IST kruten och een dediéierte Link fir an eng Whatsapp Grupp. Dës Gruppe si geduecht fir dass den CMT séier kann Informatioune weider ginn. Et kann och nëmmen den CMT an dës Grupp posten an dës Gruppe sinn net fir Eltere geduecht, dës kënnt zu engem spéideren Zäitpunkt.

## 7. Rechnungen

Jiddereen krut d'Rechnung fir den 2. Acompte per Mail geschéckt. Bezuelt dës w.e.g bis spéitstenz den **18 Januar 2024.** Mir wëllen och nach emol drop hiweisen, dass dir nëmme bezuelen sollt, wann dir eng Rechnung vun eis kritt.

## 8. Accord Fotoen an Videon um Roverway

Andeems dir iech fir de Roverway 2024 ugemellt hutt, hutt dir automatesch zougestëmmt fir dass um Event kënne Fotoen oder Videoe vun iech gemaach ginn, déi vu WOSM oder WAGGGS Europe kënne benotzt ginn. Falls dëst net erwënscht ass musst dir iech w.e.g beim CMT mellen, a mir änneren dëst am System vun den Umeldungen.

## 9. Prépa-Weekend

Mir wëllen nach emol un eise Prépa-Weekend erënneren. Dësen ass vum **13-14 Abrëll 2024** am Chalet vun den **Mamer Wiselen FNEL (109 Route d´Arlon L-8211 Mamer).**

Ufank vum Prépa-Weekend: 13 Abrëll um 9 Auer Moies

Schluss vum Prépa-Weekend: 14 Abrëll um 12 Auer Mëttes

Et ass fir jiddereen **OBLIGATORESCH** un dësem Weekend deelzehuelen an et ass och déi eenzeg Chance de ganzen Contingent op enger Platz ze treffen, sech kennen ze léieren an och wieder spezifesch Infoen iwwert de Roverway an Norwegen ze kréien. Weider Infoen zum Weekend kommen nach no.

## 10. Kommunikatioun

Falls dir Froen hutt kontaktéiert w.e.g als alleréischt den CMT vum Contigent op cmt@rw2024.sil.lu

Kontaktéiert **NET** Norweger selwer. Sie kréien all Dag tonnen Mailen, an demno wéi mussen sie eis dann souwisou nach emol schreiwen. Duerfir ass et am beschten dir schreift eis, an wann mir keng äntwert wëssen schreiwen mir den Norweger. Rufft och w.e.g net am Sekretariat vun den LGS oder FNEL un, hei gëllt dat selwecht sie mussen um Enn och meechtens bei eis nofroen, well sie net Member vum CMT sin.

Weider Informatioune vum Contingent (Neiegkeeten, Dokumenter, FAQ, etc.) a vum Roverway sinn op eisem Internetsite disponibel: Internetsite

info@rw2024.sil.lu | Facebook | Instagram

Mat de beschten Guiden- a Scoutsgréiss,

Fir de Lëtzebuerger Contingent,
Jennifer, Bruno a Steven